PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 10/07/2023

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Sozialversécherung weiderzeleeden.

Dat neit Gesetz zur partieller Legaliséierung vum Cannabis ass an der Chamber ugeholl ginn. D'Toleranzgrenz fir mat Cannabis hannert dem Stéier ze setze läit mat 1ng/ml beim klengst méigleche Wäert. Generell kann et Deeg daueren, bis den THC-Taux erëm ënnert déi 1ng/ml fält. D'Fro stellt sech wat geschitt, wann eng Persoun den Dag virun der Aarbecht Cannabis consomméiert an den Dag (oder déi Deeg) duerno dann an een Aarbechtsaccident verwéckelt wier.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Ass eng Persoun, der hiren THC-Gehalt am Blutt iwwert 1ng/ml läit, déi awer net op der Aarbecht konsuméiert huet, vun der Assurance Accident couvréiert?
2. Ass eng Persoun, der hiren THC-Gehalt am Blutt iwwert 1ng/ml läit, déi awer net op der Aarbecht konsuméiert huet, vu privaten Aarbechtsassurancë couvréiert?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Deputéierten